

Dat wat déi flexibel Öffnungszäiten ubelaangt, ass do genau datselwecht wou mer gären hätten, datt d'Kanner net mussen entweder hallef ageschriwwen oder ganz Deeg ageschriwwe sinn a mussen do sinn, mä datt een och wierklech déi Stonne kann an Usproch huelen, déi och wierklech gebraucht ginn, a wou net dann d'Eltere soen: Ma mir loossen d'Kand do, mir hu bezuelt, also gi mer et och eréischt sichen, wa bis déi Zäit eriwwer ass. Mer hu gemengt, datt dat awer wichteg wier.

Ech mengen et ass och interessant, datt Der déi Ziffere genannt hutt, datt dat hei 55 Milliounen Euro kascht, well et hat ee bal dat Gefill, wann ee verschidde Saachen hei nogelauschtert huet, wéi wann dat do esou eng Nullrunde wier, déi mer hei géife maachen. Wann eppes esou deier kascht, dann denken ech awer, datt et och gutt ass, datt jiddferee sech dat emol eng Kéier duerch de Kapp goe léisst, fir och ze weisen, datt dat jo net grad esou ass.

Dir hat eng Fro gestallt vun där et interessant wier, wa mer eis eng Kéier méi géifen doriwwer ënnerhalen an dann och kucken, zu wat fir enge Resultater datt mer kéimen, an dat ass déi, wat fir eng Familljepolitik datt mer wëllen. Wëlle mer Geld oder wëlle mer Infrastrukturen? An da wonneren ech mech jo feststellen, datt dann awer, soubal wéi gesot gëtt, elo désindexéiere mer d'Kannergeld, den Zodi lassgeet fir ze soen, wéi ongerecht datt dat ass a wéi onsozial datt dat ass a wéi schrecklech onfamilljefrëndlech datt dat ass fir...

(Interruption)

Neen, neen, neen, ech hu jo net gesot, datt Dir dat sot. Mir konnte jo net nëmme mat lech eleng eng Diskussioun doriwwer féieren an och Konklusiounen zéien.

(Interruption)

Et wier vläicht méi einfach. Mä awer, doriwwer eng ofschléissend Meenung eng Kéier ze kréien an ze mierken, datt dat... Jiddferee fënnt jo, datt ee kee Kannergeld oder datt dee kee Kannergeld bräicht, deen en hallwen Euro méi verdéngt wéi hien, mä wann s de drënner ufänks, da geet awer den Zodi lass fir ze soen: Ah, dat doten ass awer falsch! Elo hutt Der awer erëm déi falsch Leit domadder erreecht. Dofir mengen ech, datt dat wierklech der Méi wäert wier, fir ze kucken, wou mer do an deenen nächste Jore virufueren.

Ech mengen, datt et wichteg ass, datt een och an deenen nächste Joren op zwee, dat heescht och op dräi Niveaue bleift. Dir wësst, datt mer amgaang sinn, oder datt am Finanzministère amgaang ass gepréift ze ginn, wéi et mam Crédit d'impôt ass, wéi een dee kann aféieren a wéi een domadder och méi sozialgerecht Politik ka maachen, besonnesch och fir d'Familljen.

Op där anerer Säit mengen ech awer, datt een net definitiv kann op Kannergeld verzichten, am Ganze kann drop verzichten, oder och nëmmen net soll soen, dat ass eppes wat nëmme Leit kréien, déi vun engem bestëmmten Niveau sinn, well ëmmer Leit, déi Kanner hunn, méi Ausgaben hu wéi déi, déi keng Kanner hunn.

Ech sinn awer absolut domat d'accord, datt d'Kanner e ganz anere Wäert hunn a sech, an ech fannen et ëmmer schued, datt eigentlech datt ëmmer nëmmen esou duergestallt gëtt, wéi wann et eppes wier mat deem ee just Aarbecht hätt a wat ee just géif Sue kaschten. De Wäert a sech vu Kanner ass jo esou eppes vun onbeschreiflech, datt en net ka mat Geld aus- an opgemooss ginn.

Da wollt ech och dozou soen, datt d'lescht Joer am Kader vun de Budgetdiskussionen d'Demokratesch Partei gefrot hat fir d'Transfertleeschungen nozekucken. Ech wëll och do soen, datt mer där Demande - also där Motioun, déi mer ugeholl hunn - selbstverständlech och nokommen an datt mer de Moment amgaang sinn, och mam Conseil économique et social ze kucken, fir gemeinsam och do e Wee ze fannen, wou ech awer net iwwermuer hei eng Äntwert ka ginn, well et eppes ass, wou ech wierklech och gären hätt, datt et méi laangfristeg géif gekuckt ginn.

Mir hunn hei ëmmer Problemer. Et ass esou wéi bei där Etüd iwwert de Congé parental. Da musse mer no zwee Joer kucken, wat dobäi erauskomm ass. Zwee Joer sinn dann

awer esou eng kuerz Zäit, datt ee beim beschte Wëllen net ka soen, dat ass elo dat wat zielt, mä datt ee wierklech vläicht souguer iwwert dës Period erauskënnt fir ze soen, dat dote sinn déi richtig Resultater, déi mer brauchen, wann ee wëllt de Logement mat dran huelen, wann ee wëllt d'Studië mat dran huelen, wann ee wëllt eng ganz Partie vun anere Saache mat dran huelen, déi net onbedéngt elo direkt vu sozialen Transferten ofhänken, déi elo mat mir eppes ze dinn hunn oder déi mam Familljeministère eppes ze dinn hunn, fir datt een dann awer wierklech eng Kéier dat richtig géif erkennen.

Ech géif just wëllen, ouni op déi aner Froen a Punkte vum Här Jaerling anzegoen, dem Här Jaerling soen, datt eng elengerzéiend Mamm hire Congé parental kann huelen, wéini datt se e wëllt huelen. An dat stoung ewell an deem viregte Gesetz. Et ass also näischt Neies, näischt Schlechtes an näischt Aneschters wat mer aféiere wéi dat, wat doranner war. Een elengerzéienden Elterendeel muss net uschléissend un de Congé de maternité säi Congé parental huelen. E kann en huele bis d'Kand fënnf Joer al ass.

Dat wëll ech eng Kéier hei gesot hunn, well ech net weess, wou déi Hérésie do hierkënnt. Den Här Jaerling hat sécher e Fall, wou en dat erlieft huet an hien erzielt eis deen dann elo.

Här President, wann Dir dermat d'accord sidd, datt en d'Wuert huet?

» M. le Président.- Jo, selbstverständlich, wann Dir d'accord sidd.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Madame Buergermeeschter, mir schwätzen hei vun deene Mammen, deenen hir Kanner deemools nach keng...

(Brouhaha général)

Madame Minister!

(Hilarité)

Meng Buergermeeschtesch geet mir einfach net aus dem Kapp!

Mir schwätzen hei bei deem Congé parental, deen nei ass, vun deene Mammen, deenen hir Kanner deemools nach keng fënnf Joer haten. Déi sollen dann elo de Congé parental huele mat dräi Méint an net bezuelt.

Dir wäert dach net mengen, dass do iergendeng Mamm higeet an et sech ka leeschten, emol nëmmen eng Woch doheem ze bleiwen ouni ee Su.

» Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Also ech si souwisou jo gespaant, vu datt mer jo sou laang Zäit gebraucht hunn, bis mer dat hei ëmgesat hunn, da sinn där doter Fra hir Kanner mëttlerweil wahrscheinlech aacht bis néng oder zéng Joer al.

Ech weess net, ob et do nach ganz sënnvoll ass fir dann nach vun engem Congé parental ze schwätzen. Mä iwwer alles kann ee jo awer schwätzen.

(Hilarité)

An domadder wollt ech lech Merci soen. Ech si wierklech frou, datt dee Congé parental generell esou e grouse Succès huet, datt och esou vill Pappen dovunner profitéieren an datt mer wierklech och alles maache fir der och nach méi ze begeeshteren, fir dovunner ze profitéieren.

Et ass eng wichteg Erfahrung fir d'Mammen. Et ass eng wichteg Erfahrung fir d'Pappen. Et ass wichteg fir d'Kanner. A mer soe jo ëmmer, dat Kostbaarest, wat mer hätten, dat wären eis Kanner. Also solle mer och deene Pappen alleguerten d'Geleeënheet ginn, an ech hoffen, datt mer all déi Patronë vun eppes Besserem iwwerzeegt kréien, déi op där anerer Säit sinn, well et geet jo schliesslech do och ëm d'Zukunft vum Land.

Mir hu keng Consommateure méi, mir hunn näischt méi a mir bräichten och keng Industrie méi, wa mer op eemol keng Kanner méi hätten, déi do wären an déi also och hei am Land géife wëlle consomméieren, respektiv vun anere Servicier Gebrauch maachen. Dofir villmools Merci fir dee positive Vote vun dësem Gesetz.

» Plusieurs voix.- Très bien.

» M. le Président.- Merci, Madame Minister. Jo, Här Jaerling.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Ech kann dat net stoe loossen, wat d'Madame Minister elo hei gesot huet.

Och wann där Fra hir Kanner elo aacht Joer hunn, dann huet se e Recht op dee Congé parental. A wann deemools dee Congé parental esou agefouert gi wär, wéi en

eigentlech virgesat huet, dass jiddfereen dee Congé parental kritt hätt, deem seng Kanner keng fënnf Joer hätten, dann hätt déi Fra jo de Congé parental och kritt, rémunériert, sechs Méint. Menger Meenung no huet se en dann elo och zégt.

Déi zweet Saach ass einfach och nach déi, dass mer net nëmmen eng Verfassungsklo riskéieren, mä mer riskéieren och nach virum Europäesche Gerichtshaff ugeklot ze ginn, well ganz kloer am Accord-cadre steet, dass d'Emännerung vun dësem Gesetz net duerf benotzt gi fir bestehend Rechter ze verschlechteren. An dat gëtt hei mat deem Gesetz gemaach, esou dass ech lech elo scho ka versprechen: Also déi Klo, déi kritt Der!

» M. le Président.- D'Madame Minister nach eng Kéier.

» Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Et ass awer eng lieweg Debatt. Dat ass awer dat mannst, wat ee muss soen.

Här President, ech wëll soen, datt heibäi näischt verschlechtert ginn ass bei deem, wat e virus bestehend Gesetz war. An dofir gesinn ech net an, firwat datt den Här Jaerling esou vehement de Mëtteg hei ass fir ze soen, all déi, déi hei dat Gesetz elo géife stëmmen, wäere fir eng Verschlechterung. Dat ass iwwerhaapt net wouer. Et ass eng zousätzlech Méiglecheet derbäikomm, mä et ass kengem eppes ewechgeholl ginn.

(Brouhaha général et hilarité)

» M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Debatt ass elo eriwwer a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5161 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, bei enger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Fred Sunnen (par M. Marc Spautz), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

A voté non: M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

(Interruption)

Här Jaerling, d'Debatt ass ofgeschloss!

(Hilarité)

Mir kommen elo zum Projet de loi 5624, deen d'Holdingsgesetz ëmännert. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Thiel, den Här Meisch, den Här Fayot an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorablen Här Laurent Mosar.

## 2. 5624 - Projet de loi abrogéant:

- la loi modifiée du 31 juillet 1929 sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (Holding companies),

- l'arrêté grand-ducal modifié du 17 décembre 1938 concernant les sociétés holding, pris en exécution de l'art. 1<sup>er</sup>, 7<sup>o</sup> alinéas 1 et 2 de la loi du 27 décembre 1937,

- l'arrêté grand-ducal modifié du 17 décembre 1938 sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (Holding Companies) qui reçoivent des apports comprenant l'avoir d'une société étrangère s'élevant à 24.000.000 euros au moins,

- la loi modifiée du 12 juillet 1977 modifiant et complétant a) la loi du 31 juillet 1929 sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (holding companies) modifiée par l'article 21 de la loi du 29 décembre 1971 et b) l'arrêté grand-ducal du 17 décembre 1938, sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (holding companies) qui reçoivent des apports comprenant l'avoir d'une société étrangère s'élevant à un milliard au moins, modifié par l'article 22 de la loi du 29 décembre 1971,

- le règlement grand-ducal du 29 juillet 1977 fixant le minimum du capital social libéré dont doit disposer une société holding pour être admise au bénéfice des dispositions fiscales de l'article premier de la loi du 31 juillet 1929,

- la loi du 21 juin 2005 portant modification de l'article 1<sup>er</sup> de la loi modifiée du 31 juillet 1929 sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (Holding companies)

et fixant une période transitoire jusqu'au 31 décembre 2010 pour le maintien temporaire de ces régimes

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen datt dëse Projet manner spektakulär ass wéi dee virdrun, och fir manner Welle wäert hei an dësem Haus suergen.

Et geet also hei ëm d'Ofschafung vum Holdingstatut an de Projet, dee mer de Mëtten hei sollen diskutéieren, ass a sech deen éischte Schratt, dee sech aus der Décisioun vum 19. Juli 2006 vun der Europäescher Kommissioun ergëtt.

Deen zweete Schratt ass entre-temps och scho vun der Regierung ëmgesat ginn, andeems den zoustännege Minister de Projet de loi iwwert d'Créatioun vun enger sou genannter Société de gestion de patrimoine familial op den Instanzewee bruecht huet, mat deem mer eis sécherlech an deenen nächste Wochen a Méint wäerten och an dësem Haus méi intensiv befaassen.

Ier ech op déi verschidden Dispositione vun dësem Projet aginn, erlaabt mer e ganz kuerzen historeschen Exkurs.

Den Holdingsregime, deen duerch e Gesetz vun 1929 an d'Liewe geruff ginn ass, wäert also vum 1. Januar 2007 un net méi existéieren, mat Ausnahm fir déi Holdinggesellschaften, déi bis zum 20. Juli 2006 gegrënnt gi sinn an déi nach vun lwwerganksbestëmmunge kënne profitéiere bis zum 31. Dezember 2010.

Wéi ass et zu där Décisioun vun der Europäescher Kommissioun komm?

Et muss een hei nach eng Kéier an Erënnung ruffen, datt a sech den Holdingsregime scho säit ongeféier aacht Joer am Kräizfeier vun der Kritik vun der Europäescher Unioun steet. D'Kritiken, déi ëmmer erëm virbruecht gi sinn, sinn eigentlech vun enger duebeler Natur.



Éischtens ass ëmmer erëm dësen Holdings-regime opgefouert ginn an deem sou genanntene Groupe «Code de conduite», deem duerch de Conseil ECOFIN vun 1999 an d'Liewe geruff ginn ass an deem eng Rei vu sou genannte Mesures fiscales dommageables an deene verschiddenen EU-Memberstaten definéiert huet. Fir dëse Groupe «Code de conduite» war et ëmmer kloer, datt d'Holdingen esou eng Mesure fiscale dommageable géifen duerstellen.

D'Chamber huet dann och net méi spéit wéi den 21. Juni vum leschte Joer e Gesetz ugeholl, wou d'Dividenden, déi un Holdinggesellschaften ausbezuelt ginn, enger gläichwäerteger Steuer ënnerluecht gi wéi déi Steuer, déi vun deenen eenzelnen EU-Memberlänner op den Dividenden opgehuewe ginn.

Dës Ännerunge sinn dann och ugeholl gi vun deem sou genanntene Groupe «Code de conduite», respektiv vum Conseil ECOFIN.

Domadder ass et awer leider net gedoe gewiescht, well d'Kommissioun ass virugefuert an hirem Kräizzuch géint d'lëtzebuergesch Holdinggesellschaften an huet dunn op eemol erausfonnt, datt den Holdingsregime méi wär, awer géif eng sou genannten Aide d'État duerstellen an domadder géint d'Regele vum Marché unique verstoussen.

Betoune muss een nach eng Kéier, datt d'Argumentatioun vun der Europäescher Kommissioun juristescht net onëmstridden ass an d'Regierung huet jo och da während ville Verhandlungen ëmmer erëm versicht, op d'Konformitéit vun der Holdingslégi-slatioun par rapport zum EU-Recht hinze-weisen.

Leider Gottes huet d'Regierung et awer net fäerdeg bruecht, déi zoustänneg Kommissärin, d'Madame Kroes, vun der Richtegkeet vun hiren Argumenter ze iwwerzeegen an ass da schlussendlech zu där virgenann-tener Décisioun vum 19. Juli 2006 komm.

Elo kéint ee sécherlech nach laang driwwer diskutéieren a spekuléieren, ob an engem eventuelle Prozess virum Europäesche Geriichtshaff d'Kommissioun sech mat hirem Standpunkt duerchgesat hätt oder d'Regierung. Dat hätt allerdéngs bedeit, datt fir déi méi 14.000 bestehend Holdingen eng juristescht total onduerch-siichteg Situatioun sech ausgebreet hätt.

D'Décisioun, déi d'Regierung also geholl huet, fir den Holdingsregime ofzeschaffen an dofir eng méiglechst laang Iwwergangs-zäit erauszuschloen, ass also sécherlech richteg gewiescht an ass, esou wéi d'Diskus-siounen an der zoustänneger Kommissioun gelaf sinn, och am Konsensus net nëmme vun de Majoritéits-, mä och den Op-positiounsfraktioun geholl ginn.

D'Gesetz, wat mer also haut an hei disku-téieren, schaaft elo definitiv den Holding-statut of a preziséiert op där anerer Säit am Detail déi Dispositiounen, ënnert déi d'Hol-dinggesellschaften während der Iwwer-gangspanner falen.

Wat sinn elo déi Haaptdispositiounen vun dësem Gesetzesprojet? Éischtens gëtt d'Gesetz vum 31. Juli 1929 vum 1. Januar 2007 un ofgeschaaft. Dëst bedeit dann och, datt all Dispositiounen vum aktuellen Hol-dinggesetz bis zu deem Datum a Kraaft bleiwen. Dëst heescht, datt all Participa-tiounen an Holdinggesellschaften fräi an ouni Limitatiounen bis zu deem Datum kënne veräussert ginn.

Ech wëll dann am Kontext vun dësem Artikel kuerz op e Problem agoen, dee vum Statsrot soulevéiert ginn ass, an dee sech a sech mat der Abrogatioun vun deene Reglementer an Arrêté-grand-ducauxen, déi op deem Gesetz baséieren, ofgëtt. Do huet de Statsrot gemengt, datt, laut dem Prinzip vum Parallelismus vun de Formen, déi Reglementer an Arrêté-grand-ducauxen och nëmme kéinten duerch Reglementer an Arrêté-grand-ducauxen ofgeschaaft ginn.

Mir sinn allerdéngs an der zoustänneger Kommissioun zu enger anerer Konklusioun komm. Mir sinn och net eleng do mat eiser Positioun, well mir beruffen eis ënner anerem op den Avis vun eminenten Juriste wéi dem Här Pierre Pescatore, déi d'sel-wecht argumentéiert hu wéi et d'Finanzkom-missioon gemaach huet, an deem Sënn, datt Reglementer oder Arrêté-grand-ducauxen ëmmer kënne duerch eng Norme hiérarchie plus élevée ofge-schaaft ginn. D'Kommissioun huet dann och aus deem Grond de Bedenke vum Statsrot keng Rechnung gedroen an ass beim urspringlechen Text bliwwen.

D'Gesetz gesäit dann och vir, datt all déi Holdingen, déi nom 20. Juli 2006 gegrënnt gi sinn, net méi kënne vum Holdingstatut profitéieren. Och iwwert dee Punkt hate mer

eng länger Diskussioun an der Kommissioun, well den Informatiounen vun der Steiervverwaltung no nach 16 Holdinge ge-grënnt gi sinn zwëschent dem 20. an dem 31. Juli vun dësem Joer. D'Fro, déi sech hei gestallt huet, an déi sech och nach an Zu-kunft riskéiert ze stelle bei Décisiounen vun der EU-Kommissioun, ass nämlech déi fir ze wëssen, vu wat fir engem Datum un eng Décisioun, déi vun der EU-Kommissioun geholl gëtt, dem Bierger an deem een-zelnen EU-Memberland opposabel ass.

Wa mir eis an déi Logik beginn, wéi se fir déi national Gesetzestexter zielt, esou hätt dat missen den Dag vun der Publikatioun am Mémorial sinn. Bei europäeschen Décisiounen ass allerdéngs d'Rechtslag eng aner, nämlech do zielt den Dag, vun deem un d'Europäesch Kommissioun hir Décisioun un déi national Regierungen notifi-zéiert.

D'Fro, déi sech also hei net nëmmen am Kontext vun dësem Projet de loi stellt, ass déi fir ze wëssen, wéi een dem EU-Bierger kann eng Décisioun, déi den Dag a Kraaft trëtt, wou d'Regierung doriwwer au courant gesat gëtt, och deeselwechten Dag kann iwwermëttelen, fir datt déi Décisioun him och vun deem Dag un opposabel ass. Och wa mer eis hei an der Kommissioun der Meenung vun der Regierung an dem Stats-rot ralliéiert hunn, esou wär dach de Wonsch un d'Regierung, fir hei eng Pro-zedur festzeleeën, an där ofgeséichert gëtt, datt de Bierger och esou schnell wéi méig-lech a Kenntnis gesat gëtt vun enger Décisioun, déi vun der EU-Kommissioun an Zukunft wäert geholl ginn.

Wat elo déi Holdingen ubelaangt, déi virum 20. Juli vun dësem Joer gegrënnt gi sinn, esou profitéiere si weider vum Holdingstatut fir déi Frist vum 1. Januar 2007 bis den 31. Dezember 2010, ënnert de Konditiounen, wéi se an den Iwwergangsbestëmmungen definéiert ginn.

Wat sinn elo déi Konditiounen, déi déi be-stehend Holdinggesellschaften musse res-pektéieren, fir bis Enn 2010 vun den Iwwer-gangsbestëmmungen kënne ze profitéieren? Déi wesentlech Bedingung ass hei, datt keng Bedeelegungen an Holdinge méi kënne un Drëttpersonen während der Iwwergangsperiod veräussert ginn. Sollt et trotzdeem zu enger Veräusserung vu Bedeelegunge kommen, wär automatesch den Holdingstatut hifälleg.

Dräi Ausnahme sinn allerdéngs am Text virgesinn. Net ënnert de Verbuet vun enger Veräusserung falen: éischtens, all déi Holdingen, déi op enger Bourse quotéiert sinn; zweetens, all Äusserunge vu Bedee-legungen zwëschent den Aktionäre vun enger Holdinggesellschaft, an drëttens, all déi Cessiounen, déi virgeholl ginn am Kon-text vun enger Successioun, enger Liberali-téit oder engem Régime matrimonial.

Betoune wëll ech, datt mer bei der Analys vun dësem Projet iwwer e praktesche Pro-blem gefall sinn, nämlech deen, datt duerch déi nei Regelunge géif e Risque bestoen, datt duerch de Verloscht vum Holdingstatut duerch eng Cessioun vun enger Bedeelegung un eng Drëttperson, et kënnt zu all méigleche Chantagen a gelungene Manö-veren zwëschen Aktionäre kommen. Fir esou Manövere virzebauen, huet dann och d'Finanzkommissioun en Amendement zrëckbehalen, dee beseet, datt wann et zu enger Cessioun vu Participatiounen zwë-schen Aktionäre kënnt, dëst muss duerch eng Majoritéit vun zwee Drëttel vum Kapital an enger ausseruerdentlecher Generalver-sammlung guttgeheescht ginn.

Op dësem Punkt si mer allerdéngs als Kom-missioon vum Statsrot mëssverstane ginn. Deen ass nämlech zu der Meenung komm, datt d'Kommissioun hei méi eng grouss Derogatioun par rapport zu den allgemenge Prinzipien aféiere wëllt. Dëst ass awer mani-fest net esou gewiescht, well et jo kloer ass - an ech wëll dat hei nach eng Kéier betoun-en -, datt et sollt zu enger Cessioun ënnert deene virgenannte Bedingunge kommen - also, Majoritéit vun zwee Drëttel vum Kapital an enger ausseruerdentlecher Generalver-sammlung -, an natierlech domadder duerch dës Cessioun automatesch den Hol-dingstatut vun där Gesellschaft hifälleg wär.

D'Chambre de Commerce huet dann och an hirem Avis déiselwecht Richtegstellung wéi d'Kommissioun gemaach. An ech hoffen, datt duerch dës Prezisioun, déi ech och a mengem schréffleche Rapport erëm-geholl hunn, d'Virbehalter vum Statsrot par rapport zum Amendement vun der Finanz-kommissioun hifälleg sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach ganz schnell zu engem leschte Punkt, an zwar deem, datt an Zukunft mussen d'Domiciliatairé vun den Holdinggesell-schaften zertifizéieren, datt et um Niveau vum Actionariat zu kengen onautorisiéierte

Cessiounen komm ass. Wéi soll dës Zertifika-tioun an der Praxis accordéiert ginn?

» **M. le Président.** - Här Rapporteur, Dir misst zum Schluss kommen.

» **M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.** - Jo. Ech sinn direkt fäerdeg, Här Presi-dent.

Och do huet d'Kommissioun en Amendement ugeholl, laut deem et duergeet, datt den Domiciliataire oder de Réviseur d'entre-prise e sou genannte «Certificat de non-ob-jection» ausstellt, wat dann heescht, datt déi Duerstellung esou wéi se aus dem Aktiebuch erausgeet, zu kenger Objection féiert duerch den Domiciliataire oder Réviseur d'entreprise. Mir wäerten och dëse Certificat de non-objection ermënnen am Gesetzesprojet iwwert d'SPFen, esou datt déi zwee Gesetzestexte op dësem Plang wäerten déiselwecht Prozedur virgesinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen domadder zum Schluss vu mengen Ausféierungen. Dëse Projet de loi bedeit d'Enn vun den Holdinggesell-schaften op den 31. Dezember 2010; dat heescht, ee Joer nodeem d'Gesetz, wat dës Holdingstrukture geschaaft huet, säin 80. Gebuertsdag wäert feieren. Wa mer also haut dat Enn duerch de Vote vun dësem Projet beschléissen, esou solle mer dach net vergiessen, datt dës Holdingen zu eng-em groussen Deel am Ufank vun de 60er an de 70er Joren zum Succès vun dëser Finanzplaz bäigedroen hunn.

Et ass sécherlech richteg, datt säit enger Rei vu Joren dës Holdingstrukturen ëmmer méi duerch SOPARFien ersat gi sinn, nach soll an dierf een awer net vergiessen, datt et nach ronn 14.000 esou Strukture ginn, wourunner och eng ganz Rei Aarbechts-plazen hänken. Et ass also wichteg, datt mer iwwert de Vote vun deem Gesetz vun haut an deenen nächste Wochen a Méint déi richteg Instrumenter a Produité schafen, fir datt mer all déi Investisseuren, déi musse spéitstens no 2010 aus den Holdingen erausgoen, net riskéieren definitiv fir d'Finanzplaz ze verléieren. Nëmme wa mer dat fäerdeg bréngen, wäert den Dag vun haut net d'Enn, mä den Ufank vun enger neier „success-story“ fir d'Finanzplaz Lëtze-buerg sinn.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Mosar. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

» **M. Lucien Thiel (CSV).** - Merci, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Kolleeg Laurent Mosar huet Iech jo elo schonn des Laangen an des Breeden d'Ge-schicht erzielt. Ech ka mech dann e bësse méi kuerz faassen, wéi ech dat virgesinn hat.

Dir hutt eraushéieren, datt deem Ganzen eng zimlech mouvementéiert Geschicht virausgaangen ass, datt mer fir d'éischt gemengt hätte mir wären aus dem Schneider, nodeem d'Generaldirektioun zu Bréissel, déi fir d'Steieren zoustänneg ass, eis quasi eng Imprimatur ginn hat opgrond vun deem neie Gesetz, wat mer virun engem Joer gemaach hunn. An du koom dann d'Kolleegin vun dem Bannemaart, an déi huet da ganz sec fonnt, dat wär guer net an der Rei, wat mir do géife maachen, an huet dann en Instrument, wat 80 Joer al ass - wéi de Laurent Mosar elo grad nach eng Kéier ënnerstrach huet -, klak verbuet.

Nodeem datt deen Ukas am Summer vu Bréissel komm ass, hat d'Regierung am Fong nëmmen zwee Choixen: entweder huet se sech missen deem Ukas vu Bréissel bëien oder awer se hätt kënne op de Gerichtshaff goen. Ech mengen, d'Chan-cen hätten net schlecht gestane virum Gerichtshaff Recht ze kréien, well d'Argu-mentatioun vu Bréissel ass a stoung op séier wackelege Féiss, an een Deel do-vunner war souguer total niewent dem Dill.

Op där anerer Säit muss ee wëssen, an d'Regierung weess et natierlech ganz genau, datt, wann ee géint esou eng Décisioun virgeet, da waart een zwee, dräi Joer, bis datt een eng Décisioun um Kirchbiere kritt, an op där anerer Säit muss een awer exekutéieren, well et ass direkt ze exekutéieren, also et ass keen Effet sus-pensif. Do huet d'Regierung dofir - géif ech soen - klorerweis gesot, majo neen, am-plaz dann elo ze streiden an eventuell guer näischt ze hunn, kommt mer probéiere fir en Deal ze maache mat Bréissel, fir datt mer weinstens eng Iwwergangszäit eraus-geschloe kréien.

A genau dat ass jo och du geschitt. Et ass dem zoustännegen Minister Luc Frieden gelonge bei der Madame Kroes en Délai auszuhandelen, en Délai bis 2010, an en plus och nach, nodeem datt d'Experté sech mat der Regierung zesummegesat haten, e Splitting vun der Problematik ze maachen zwëschent engersäits deenen Holdingen, déi elo 2010 dann definitiv auslafen, an ane-rersäits deenen Holdingen, déi nach kënne weider bestoen.

Mir hu ronn 14.000 Holdingen, dovunner sinn 20% ongeféier betraff vun där Décisioun, déi mer elo mussen exekutéieren. Mä déi 20%, dat sinn allerdéngs déi mat de meeschte Suen dran. Dat sinn déi Holdingen, déi vu groussen Entreprises, vu Konzernern hei installéiert gi sinn, fir deenen hiert Kapital ze verwalten, hir Participa-tiounen ze verwalten, an et sinn der jo dodrënner, déi heeschen och net fir näischt Holdingmilliárdär. Ëm déi 20% geet et.

Wat deene virgeworf gëtt, ass, datt se am Fong keng passiv, mä eng aktiv Gestiou maachen. An dorobber ass gespillt ginn, op deenen zwee Begrëffer passiv an aktiv Gestiou. An dat ass dat, wat d'Regierung do opgegraff huet, dee Ball huet d'Re-gierung do opgefaangen. A si huet gesot, majo da kommt mer splitten déi Holdinge mat enger passiver an déi Holdinge mat enger aktiver Gestiou, an da kréie mer op d'mannst déi, déi méi eng passiv Gestiou maachen, aus dem Collimateur eraus.

Dat ass dunn och geschitt. Dat ass dee Pro-jet de loi, deen Dir deemnächst wäert misse bewäerten, deen och scho virläit, an deen en neien Numm kritt huet, fir en dann ze dis-tinguéiere vun den traditionellen Holdingen. Dat Déier, dat heescht Société de gestion de patrimoine familial, ofgekierzt SPF, an et ass wéi gesot eng Form, déi sech appli-zéiert op déi net aktiv Gestiou, dat heescht op eng Gestiou, déi net agräift zum Beispill an d'Finanzmëiert an dofir méi adaptéiert ass un déi sou genannt Familjenholding.

Elo kann een déi ganz Geschicht do positiv gesinn a soen, mir wieren eigentlech dach nach mat engem bloen A dervukomm, well souwisou hätte mir gespiert, datt no bal 80 Joer et esou lues zu Enn géif goe mat eisen Holdingen, an datt si och lues a lues an deem Mooss géifen iwwerflësseg ginn, wou d'Duebelbesteierungsofkommissen, vun deenen Der jo d'Nummere 50 an 51 virun zwou Wochen hei ofgeseent hutt, also déi Duebelbesteierungsofkommissen, déi géife lues a lues d'Missioun vun den Holdingen iwwerhuelen.

An da schliesslech, dat däréi een och net vergiessen, huet de Législateur in weiser Voraussicht virun enger Zäit schonn, virun enger Rëtsch vu Jore mat neie Finanzinstru-menter wéi de SOPARFien oder och ver-schiddene Fonge längst fir en Ersatz fir d'Holdinge gesuergt.

Mä da freet ee sech, wann deem esou wär, ob et am Fong guer net derwäert wär, fir sech opzereegen, firwat esou e Gedäisch op der Finanzplaz gemaach gëtt, wou et heescht, datt tëschent 10 an 20% vum Ge-schäft riskéieren elo duerch d'Päif ze goen an entspreichend natierlech och Aarbechts-plaze riskéieren ze verschwannen.

Et kann ee kaum unhuelen, datt eis Banke sech grouss Suerge maachen ëm den Aus-fall vun deenen 43 Milliounen Taxes d'abon-nement an den néng Milliounen Droits d'ap-port, déi d'Holdingen all Joer bezuelen. Déi 52 Milliounen, vun deenen op d'mannst elo een Deel riskéiert eiseem Enregistrement laansch d'Nues ze goen, déi Ieie grad an dësen Zäiten héchstens dem Finanzminister an dem Budgetminister um Mo.

Neen, et geet eigentlech ëm eppes ganz aneschtens, ëm eppes, wat sech net an Zuele faasse léisst a wat sech och net richteg moosse léisst. Et geet éischtens ëm eis Konkurrenzféegkeet an där ëmmer méi schaarfer Steierkompetitioun tëscht de Länner, an et geet zweetens ëm de Ruff vun eiser Finanzplaz, där hir Soliditéit an Zouverléissegkeet hei um Spill steet.

Wéi et schonn an deenen eenzelnen Inter-ventiounen zum Budget ugeklongen ass, souwuel vun den Intervenanten hei aus eise Reien, notament mengem Kolleeg Laurent Mosar, mä och aus der Regierungsbänk - de Premier souwuel wéi de Budgetminister hunn dovun geschwat -, komme mir mat eiser



Besteuerung ëmmer méi an d'Quëtsch. Mir si bannen e puer Joer am Ranking vun der Entreprisëbesteierung un den ënneschte Wupp ofgerutscht, a sinn domadder a puncto Attraktivitéit fir nei Wirtschaftsaktivitéite seriö an d'Hannertrefe geroden.

Och an eiser traditioneller Spezialitéit, der Nischepolitik, déi mir haaptsächlech iwwert d'Steiere fueren, gëtt et ëmmer méi enk. Derbannst d'Bannemaartskommissäarin, d'Madame Kroes, eisen Holdingen den Hals ëmdréint, féieren hir hollännesch Landsleit en neie Steuerregime fir déi Holdingen - si nenne se net Holdingen, mä et sinn Holdingen - an, déi bei hinnen domiciliéiert sinn an déi hiren Duechteren uechtert d'Welt Sue léinen. Op deene Revenuen, deenen Zëssen, déi se akasséieren, déi d'Mamme kasséiere bei hiren Duechteren, also op deene konzerninterne Kreditter, brauchen d'Mammen dann nëmme 5% Steieren ze bezuelen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence.)

Dat erënnert dach awer iergendwéi verdächteg un dat, wat mir mat eisen Holdingen hei gemaach hunn a firwat mir se haten, an déi et elo geschwënn net méi wäert ginn.

An eis aner Beneluxpartner, déi Belsch, deenen et mat hire Centres de coordination, wéi Dir lech vläicht kënnt erënneren, genaousou gaangen ass, awer ganz genaousou gaangen ass, wéi et eis elo mat den Holdingen ergoung, hu längst fir Ersatz gesuergt an hunn hire Regime vun den Intérêts notionnels op d'Bee gesat, deen offensichtlech schonn ufänkt ze gräifen.

Och eis géif esou e Regime - et geet ëm d'steierlech Urechnung vun der Kapitaliséierung vun de Betriber mat eege Mëttelen - net schlecht zu Gesiicht stoen, well hie géif gutt an eise Steiertableau passen.

Elo leeën eis belsch Noperen nach eng Schëpp no. Si bastelen am Moment un engem eegene Steierkader fir international Pensionsfongen. Dat erënnert mech un eppes...

» Une voix.- Ce n'est pas bête.

» M. Lucien Thiel (CSV).- Ce n'est pas bête!

Mä si imitéieren am Fong domat - neen, net nëmmen imitéiere se, mä se attackéieren domat frontal de Lëtzeburger Modell fir grenziwwerschreidend Pensiouns-fongen, déi mir scho viru sechs Joer mat engem entspreche Gesez hei lancéiert hunn.

Et sinn nëmmen e puer Beispiller aus eiser direkter Noperschaft. Si eleng weisen eis schonn, a wéi eng Direktioun den Zuch fort-gefuer ass, a wéi néideg et ginn ass, datt mir eis eeschtlech Gedanken iwwer eis steierlech Kompetitivitéit maachen. Besonnesch elo, wou mat den Holdingen den eelste Pilier vun eiser Finanzplaz ewech-brécht.

An deem Kontext sief et mer erlaabt, op dëser Plaz eng Lanz fir en Observatoire fiscal ze brieche, en Observatoire, dee ganz opmierksam d'Evolution vun steierlechen Ëmfeld dobausse suivéiere géif, fir datt mer an de Stand gesat ginn, esou séier wéi méiglech op Entwécklungen ze reagéieren, op Entwécklungen, déi fir eis geféierlech kéinte ginn. Ech kéint mir esou en Observatoire zum Beispill an der Ëm-géigend vun dem Comité pour le dévelop-pement de la place financière virstellen.

An da geet et zweetens ëm de gudde Ruff vun eiser Finanzplaz, déi wéinst hirer Kons-tanz an hirer Zouverléissegkeet bei de Clienten uechtert d'Welt bekannt ass. Hir gesetzlech Kontinuitéit an hir rechtlech Sécherheet sinn nämlech Atouten, déi bis elo eng wichteg, vläicht souguer déi wichtegst Roll bei eiser internationaler Renommée als Finanzplaz gspillt hunn.

Dee gudde Ruff ass elo, net duerch eis Schold, mä duerch dat, wat Bréissel eisen Holdingen ugedoen huet, am héchste Mooss gefährdet, an deemno wéi et geet riskéiere mer an der Course mat eiser Kon-kurrenz, déi ëmmer méi haart gëtt, d'Schlappen ze verléieren.

Et war duerfir scho wichteg, datt d'Re-gierung séier reagéiert huet an eise Banken an deenen anere Finanzopérateuren, déi am „asset management“ oder an der

Gestion patrimoniale aktiv sinn, domat déi néideg Argumenter geliwwert huet, fir hir Clienten ze berouegen a se bei der Staang ze halen. Mä dat geet net duer!

Déi Clienten, déi betraff sinn, wëllen och wëssen, wéi et no 2010 fir si weidergeet. A si wëllen et elo gläich wëssen, net eréischt an engem oder an zwee Joer. Duerfir géif ech soen, datt dat, wat elo mat deenen zwee Gesetzer gemaach gëtt, eréischt den Ufank ass, an datt mir eis esou séier wéi méiglech Léisungen afale musse loos-sen, déi d'Clientë rassuréieren an de Finanz-mäert weisen, datt mir net hei schlofen an net bereet sinn, der Konkurrenz den Terrain ze iwwerloossen.

Duerfir kënnt et elo drop un, nach eng Kéier d'Käpp zesummenzestrecken an esou séier wéi méiglech entweder nei Instrumenter ze schafen oder awer déi existéierend esou ze adaptéieren, datt se sech als vollen Ersatz fir d'Holdinge prëtéieren a vläicht souguer domat dozou bäidroen, nei Créneae fir eis Plaz opzemaachen.

Mä, wéi gesot, et prësséiert, well wa mir net ganz séier reagéieren, da kéinten net nëmmen eis Clientë kal Féiss kréien, mä eis Konkurrente kéinten dat als en Zeeche vu Schwächt ausleeën a sech dann doduerch animéiert fillen, nach en Tour un der Konkur-renzschrauf ze dréien.

Ech mengen, Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, esou liicht sollte mer hinnen et net maachen! An ech mengen ech sinn och befugt, fir den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet ze ginn.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Thiel. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Meisch agedroen.

» M. Claude Meisch (DP).- Här Presi-dent, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur Laurent Mosar villmools Merci soe fir déi ganz detailléiert Explika-tiounen. Dat erspuert den Noriedner, nach emol op den Detail an och den Historique vum Projet de loi anzegoen.

Ech wëll mer awer erlaben, nach eng Rei vun aneren Iwwerleeungen an dësem Kon-text unzeféieren.

Et ass e gutt Joer hier, datt mer hei iwwert d'Ofséchierung vum Statut vun der Holding 29 geschwat hunn, a mir haten alleguerte gemengt, datt mer mat deem Gesetz vum 21. Juni 2005, wou eng Rei vu Präzisioune gemaach si ginn, déi jo och net nëmmen hei am Land op Zoustëmmung gestouss sinn, mä och um europäeschen Niveau vum ECOFIN-Conseil ofgeseent gi sinn, de Statut vun der Holding, deen elo 80 Joer kritt, och fir eng Rei vu méi Joren ofge-séchert hätten. Datt et eigentlech nëmmen herno schlussendlech bis 2010 war, hätt dee Moment kee geduecht.

An et ass och eigentlech dat wat schued ass an dësem Dossier, datt, nodeems jidd-fereen hei am Land op der Bankeplaz de Clientë gesot huet: Deen dote Statut, deen ass mat deem Gesetz ofgeséchert fir d'Zu-kunft, d'Leit dann awer iergendwa ganz kuerz duerno hu missen an der Zeitung liesen an um Radio héieren an op der Tëlee gewuer ginn, datt dat net esou ass an datt Lëtzebuerg sech ganz schnell eppes aneschtens huet missen iwwerleeën.

Dat huet, mengen ech, awer och iergend-wou Schued hannerlooss fir d'Confiance, déi d'Leit an d'Bankeplaz hei zu Lëtzebuerg kënnen hunn. Wann de Banquier hei seet, esou ass et, de Législateur huet eppes gemaach, Europa huet dat doten ofgesé-chert, an op eemol ass et net méi esou, da wësse mer net, ob herno de Client, wann de Banquier dat doten nach eng Kéier seet, dann nach eng Kéier esou schnell wäert gleewen. An duerfir musse mer eis och Ustrengungen higinn, fir ze kucken, datt d'Clienten erëm Confiance an dës Plaz kënnen kréien, datt déi Instrumenter, déi mer ubidden, a wou mer hei zu Lëtzebuerg soen, si sinn ofgeséchert, datt mer wierk-lech dat kënnen mat Confiance soen.

Vläicht - an ech wëll do eng Klamer op-maachen - ware mer alleguerten ze vill op-timistes, och virun engem gudde Joer, wou mer hei d'Modifikatioun vum Statut vun der Holding 29 gestëmmt hunn, a vläicht hu mer och alleguerte gemengt, datt mer, mat där dach ganz larger Interpretatioun, déi mer do eragesat hunn, iwwerall géifen duerchkommen. Vläicht war et och dat, wat schlussendlech bei der EU-Kommissioun et laude gedoen huet, sou datt nach emol den Dossier op den Dësch komm ass a schlussendlech do déi zoustänneg Kom-missäarin agéiert huet a gesot huet: Elo geet et duer, elo musse mer eppes aneschtens maachen.

Nun, déi Décisioun vum Juli 2006 ass iwwerraschend komm fir eis alleguerten. Mir mengen awer och als Demokratesch Partei, datt et richteg war, dëse Wee ze goen, fir ze kucken, deen Délai do auszuhandelen a fir sech net op de Risiko anzeloossen, virun den Europäesche Geriichtshaff ze zéien, wat éischstens eng grouss Incertitude wat d'Resultat vun esou enger Aktioun géif ube-laange mat sech bruecht hätt, an zweetens wou d'Clienten, déi elo vun den Holdinge profitéieren, an där Iwwergankszäit, wou een net gewosst hätt, ob et herno en Uerteel an déi eng Richtung oder an déi aner Richt-ung géif ginn, sech souwisou hir Iwwer-leeung gemaach hätten a sech mat Sécherheet net dräi Joer dohinner gesiess hätten, bis dann d'Cour iergendwann eng Kéier en Uerteel an där doter Matière geholl hätt, esou datt mer déi Ustrengungen, déi mer elo mussen huelen, fir eigentlech en anere Statut amplaz ze setzen oder aner Instrumenter amplaz ze setzen, souwisou hätte misse maachen.

Et gesäit een awer och, wéi schnell eigent-lech dat Fundament, oder e Stéck vun deem Fundament, op deem eis Bankeplaz steet, kann ewechbriechen. An dat soll eis alleguerten oplauschtere loos-sen, well wa mer wierklech mengen, datt d'Finanzplaz ofgeséchert wär fir déi ganz laangfristeg Zukunft, da gesäit een hei, datt mer all Dag mussen Effortë maache fir d'Finanzplaz ze stäerken; datt mer all Dag mussen kucken, wat geschitt ronderëm eis; datt mer och all Dag musse kucken: Wat kënnen mer selwer maachen, fir den Akteuren op der Finanz-plaz an hirer grousser, globaler Konkurrenz eigentlech besser Startchancen ze ginn? Well déi Avantagen, déi mer an der Zäit haten als Finanzplaz hei zu Lëtzebuerg, lues a lues awer et net méi wäerte sinn, déi d'Geschäft hei wäerten droen.

Duerfir mussen et aner Avantagé ginn. Ën-ner anerem selbstverständlech den Know-how, dee mer accumuléiert hunn, ënner anerem déi grouss Konzentratioun vun deem Know-how a vun den Akteuren hei op der Plaz, ënner anerem déi Instrumenter, déi mer mëttlerweil en place gesat hunn, an déi, déi mer nach sollen derbäi schafen.

Ech wëll nach eng Bemierkung maachen zu där Phase transitoire bis 2010. Et gëtt hei esou duergestallt, wéi wann dat de grouse Mérite wär vun der Regierung, datt d'EU-Kommissioun eis déi accordéiert huet. Nun, mir sinn der Meenung, datt dat eigentlech eng selbstverständlech Saach ass, well bei anere Länner, déi e ganz ähnleche Statut haten, d'EU-Kommissioun ähnleche tran-chéiert huet; déi hunn och eigentlech selbstverständlech deen doten Délai transi-toire kritt. An esou si mer der Meenung, datt, wann ee Land wéi dat anert awer par rapport zur Kommissioun soll traitéiert ginn, et hei och nëmme selbstverständlech war, datt mer den Délai bis 2010 kritt hunn a mer dat manner als e grouse Mérite vun der Regierung gesinn.

Mir kréie jo an e puer Wochen oder an engem Mount d'Geleeënheet, fir nach emol op den neie Modell vun der Holding, wann een esou ka soen, déi Société de gestion de patrimoine familial kënnen anzegoen, wuelwëssend awer, datt dat keng Léisung wäert fir d'Integralitéit vun deene 14.000 Holdinge sinn, esou datt mer eis mussen d'Méi maache fir ze kucken, datt mer och fir déi aner Clienten eppes hei op der Plaz kënnen ubidden.

Instrumenter gëtt et. Instrumenter musse mer awer och eventuell nach derbäi schafen, an den Här Thiel huet et richteg gesot: Et beweegt sech eppes, net nëmmen hei op der Plaz, mä och ronderëm eis, an net wäit ronderëm eis, an duerfir musse mer d'Aen ophalen, wat ronderëm eis geschitt, a kucken do gegebenenfalls ganz, ganz schnell och kënnen ze agéieren.

Well oft muss ee jo schonn agéieren, éier deen aneren niewendrun agéiert huet, éier deen d'Clientë vun hei ofgezunn huet, well et ass méi einfach, een heizehalen, wéi herno erëm een anzwousch aneschtens hi sichen ze goen. Duerfir däerfen eis Effortë fir d'Finanzplaz, duerfir däerfen eis Effortë fir dat legaalt Encadrement vun der Finanzplaz an och fir déi Instrumenter ëmmer erëm a jour ze halen an ze iwwerdenken, déi eis Fi-nanzplaz um Liewen erhalen, net noloossen. Dëse Schrëtt hei, dee mat dësem Gesetz ge-maach gëtt, trëfft op jidde Fall op d'Zoustëm-mung vun der Demokratescher Partei.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Meisch. Elo huet den honorabelen Här Ben Fayot d'Wuert.

» M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, dat Gesetz, wat mer de Mëtteg behandelen,

huet zu vill Frustratioun zu Lëtzebuerg ge-fouert, och zu haarde Wierder, hei an dësem Haus wéi och dobaussen op der Bankeplaz.

Et ass sech gewonnert ginn, dass net géint déi Décisioun vun der Kommissioun geklot ginn ass vun der Lëtzeburger Regierung. De Moien nach huet onse Rapporteur, deem ech fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport selbstverständlech wëll félici-téieren, hei an der Budgetsdebat gemengt, et wär endlech un der Zäit fir mat der Fauscht op den Dësch ze schloen, be-sonnesch wat d'Persoun vun der Madame Kroes, der hollännescher Kommissäarin vum Marché intérieur betrëfft.

Et ass och éinescht an der Debat oft vun der Kommissioun a vu Bréissel geschwat ginn, wou dann déi schlëmm Décisioune geholl ginn, fir Lëtzebuerg an d'Knéi ze zwängen. Dat weist alles, wéi gesot, op déi Frustratioun hin an och op déi Iwwerra-schung, déi eigentlech ons war, wéi mer virum Summer vun där sech undroender Décisioun vun der Kommissioun Kenntnis geholl hunn.

Ech wëll awer vläicht e bësse méi wäit aushuelen. Ech erënneren hei drun, dass jo den Dezember 1997 ënner Lëtzeburger Présidence - ënner Lëtzeburger Prési-dence! - den Dossier vun der Besteierung vun de Kapitalerträg an de Code de conduite fir d'Besteierung vu Betriber deblockéiert ginn ass. Ënner Lëtzeburger Présidence! Do ass jo och dee Groupe de travail «Code de conduite» agesat ginn, deen, wéi et och schonn hei gesot ginn ass, och d'Holdingen am Viséier hat, an opgrond vun deenen Aarbechten am Code de conduite, wat jo Aarbechte waren, déi sollten d'Länner zu fräiwëllege Réckzich vu Steieravantagé bewegen, ass en neit Gesetz iwwert d'Holdingsgesetzgebung gemaach ginn, wat mer 2005 ofgestëmmt hunn.

Wéi am Dezember '97 dee Pak ofgeschloss ginn ass, hat dat eng laang Virgeschicht. Zu där Zäit war jo eigentlech all europäesche Stat e Paradis fiscal fir Ressortissants communautaires aus anere Länner. Dat heescht, d'Sue vu Ressortissants commu-nautaires aus aneren EU-Länner goufe méi gënschteg behandelt wéi déi vun den Awunner vun deem Land, wou d'Banke waren.

Mir hunn also z'joert dat Gesetz gestëmmt a mir hu geduecht, domat wäre mer mat den Holdingen aus dem Schneider. An ech ver-sinn och déi Opregung vun der Bankeplaz gradesou gutt wéi vun der Politik zu Lëtze-buerg, well jo déi Dispositionen am Gesetz vun 2005 vum Conseil ECOFIN ofgeseent gi waren an och vun der Kommissioun. Dat heescht also, dass och d'Kommissioun dee-mools hir Responsabilitéit geholl huet. Ëmsou méi onverständlech war et dunn am Fréijoer 2006, dass op eemol eng Kom-missäarin, d'Madame Kroes, am Numm vun den Dispositionen iwwert de Marché intérieur en Hoer an der Zopp fonnt huet.

Nu stellt just dee Fait do fir mech e grouse Problem duer - an och fir d'zukünfteg Lëtze-buerger Politik, wëll ech ënnersträichen. De Problem ass deen: Vu dass et jo all fënnef Joer eng nei Kommissioun gëtt, a meesch-tens och nei Kommissären, an dass déi Kommissären och meeschstens verschidde si vun deenen aneren - den Här Monti, dee virun ebe Kommissär vum Marché inté-rieur war, hat net déi Problemer wéi d'Ma-dame Kroes, a virdu war et nach den Här Van Miert, wann ech mech gutt erënneren, deen hat och net déi Problemer.

Dat heescht, dass de Problem also vu Kom-missiouen zu Kommissioun sech kann nei stelle fir déi Instrumenter, déi mer probéiere fir ons Bankeplaz, fir déi Nischen, déi mer probéieren opzemaachen, dass dat eben ëmmer erëm nei Problemer ka ginn. An dat ass natierlech schlecht fir d'Sécurité juri-dique op enger Bankeplaz.

Duerfir wär ech frou wann d'Regierung ons géif soen, wéi se sech vis-à-vis vun deem Problem géif behuelen. Also wéi mer d'Sé-curité juridique vun deenen Instrumenter, déi mer maachen, kënnen hierstellen.

Mir hunn elo an e puer Wochen dat Gesetz iwwert d'Société de participation financière, also fir déi Gestion passive, déi den Här Thiel hei schonn duergestallt huet. Vun deem Projet ass hien och de Rapporteur. Hie kennt dat also scho ganz gutt. Bei dësem Gesetz ass d'Kommissioun mat ageschalt ginn, fir ze kucken, ob alles an der Rei ass. Do ass also dans l'immédiat eng Sécurité juridique. Mä nach eng Kéier: D'Madame Kroes ass elo do bis 2010, an duerno kënnt en anere Kommissär, an duerno stelle sech dann erneit Froen.

Duerfir mengen ech schonn, dass eng vun de wesentlechen Aufgabe vun der Regie-rung vis-à-vis vun der Bankeplaz déi ass, fir



eng juristeschen Sécherheet fir déi Instru-  
menter ze kréien, déi mer eben am Steuer-  
beräich fir d'Finanzplaz schafen.

D'Fro stellt sech och - elo natierlech in  
abstracto, well dat alles kale Kaffi ass, dat  
ass eriwuer -, mä d'Fro stellt sech trotz-  
deem, weini dass mer vis-à-vis vun Déci-  
sione vun der Kommissioun bei d'Cour de  
justice ginn oder net. An deem Fall huet  
d'Regierung gemengt, si hätt laang genuch  
verhandelt a si hätt agesinn, dass do  
nächst ze maache wär. Mir huelen dat och  
gär un. Mir kennen elo net de präzisen  
Detail vun deem, wat handelt ginn ass.  
Mä mir huelen dat gären un, dass d'Regie-  
rung och net wollt eng Insécurité juridique  
während zwee, dräi Joer dauere loossen, an  
dass se dann eben déi Iwwergangsphas  
akzeptéiert huet, déi d'Kommissioun propo-  
séiert huet, bis den 31. Dezember 2010.

Mä nach stellt d'Fro sech, weini dass eng  
Lëtzebuerger Regierung géint eng Déci-  
sion vun der Kommissioun, déi sech jo ex-  
klusiv géint ee Land rücht an net elo géint  
d'Länner alleguerten, kloer geet. Well et si  
vill Leit op der Finanzplaz, déi der Meenung  
waren, et hätt een och an deem Fall  
kënnen kloen. Wéi gesot, eng weider Fro fir  
d'Regierung, fir sech intensiv domat ze be-  
faassen.

Mir si mat deem Gesetz d'accord. Et ass  
en Ofschloss vun enger Period, mä fir ons  
stelle sech zwou Froen, an do wär ech frou  
wann den Här Minister, Här President, ons  
kéint eng Äntwert ginn oder eng Iwwer-  
leeung driwwer signaléieren:

Éischstens, wéi mer fir déi zukünfteg Instru-  
menter, déi mer schafen, Sécurité juridique  
schafen, déi iwwer eng Kommissioun, iwwer  
e Mandat vun enger Kommissioun ewech-  
geet; an zweetens, wann an Zukunft esou  
Instrumenter geschaf ginn an duerch Déci-  
sione vun der Kommissioun ugefecht ginn,  
wat fir Instrumenter mer ons do ginn. Ob  
mer ons iwwerleeën, fir bei d'Cour de  
Justice kloen ze goen, oder ob mer déi  
Décisions ëmmer akzeptéieren, tout en  
sachant, dass mer virdu seriö verhandelt  
hu mat der Kommissioun.

Ech hunn hei e bëssen - dat wëll ech nach  
zum Ofschloss soen - e gewëssent  
Mësstraue vis-à-vis vun der Madame Kroes  
erausgespiert aus deem wat meng Vir-  
riedner gesot hunn, déi jo eng Hollännerin  
ass, wou jo dann och hei annoncéiert oder  
évoquéiert ginn ass, dass Holland elo ganz  
favorabel Instrumenter dévoloppéiert huet,  
déi net am Collimateur vun der Kommis-  
sion sinn.

Dat misst een natierlech ganz prezis  
kucken. Ech sinn net Fachmann genuch, fir  
dat hei kënnen matzedoen. Wann dat  
natierlech esou wär, wär dat grave. Ech wëll  
awer och soen, dass ech eigentlech genuch  
Vertrauen, nach einstweilen, an d'Kommis-  
sion als Gardienne des traités hunn an  
d'Kommissioun net als e Feind vun engem  
Land ugesinn, mä éischer, besonnesch  
wat kleng a mëttel Länner ugeet, als en  
Alliierten, als Gardienne des traités vis-  
à-vis vu grouse Länner.

Ech kann also elo net novollzéien, ob déi  
Reprochen, déi hei implizit oder explizit vis-  
à-vis vun der Madame Kroes gemaach  
ginn, stëmmen, mä ech géif vu vira soen,  
dass ech d'Vetrauen an d'Kommissioun  
hunn, fir équitabel ze handeln. A soulaang  
ech net de géigendeelege Beweis dofir  
hunn, kann ech och déi Reprochen, déi vis-  
à-vis vun der Madame Kroes gemaach  
ginn, net genee novollzéien.

Mä, wéi gesot, nach eng Kéier: De Problem  
ass elo net bei deem Gesetz, wat mer  
selbstverständlech stëmmen. De Problem  
ass an der Zukunft, wéi mer an Zukunft  
Sécurité juridique kréien a wéi mer ons  
behuelen an Zukunft, wa mer mat esou  
Décisions vun der Kommissioun kon-  
frontéiert sinn.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Fayot.  
Den nächste Riedner ass den honorabelen  
Här Henckes.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** -  
Här President, ech wëll fir d'éischt dem  
Rapporteur félicitéieren, well e mat grousser  
Sachkenntnis an Engagement hei dës  
Projet de loi hei virgestallt huet. Mir wäerten  
en och stëmmen.

Dat gesot, erlaabt mir awer e puer Remar-  
quë méi kritischer Natur un d'Regierung ze  
adresséieren an och e puer Suggestiounen  
ze maachen.

Ech mengen, d'Regierung huet d'Tendenz,  
fir an esou Froe wéi där vum Holding 29 de  
Kapp an de Sand ze stiechen an ofze-  
waarden. Ofzewearden bis eppes geschitt

ass an dann ze reagéieren, anstatt proaktiv  
scho verschidde Mesurë virzegesinn.

Well et gesäit ee jo, wat op ons duerkënnt.  
D'Situatioun, wéi mir elo dostinn hic et nunc,  
ass am Ablack déi heiten, dass mir vis-à-vis  
vun aneren Zentren, déi och versichen, déi-  
selwecht Clientèle unzézéien, net méi kom-  
petitiv sinn. Dat muss een einfach esou fest-  
halen.

An duerfir wëll ech just nëmmen op dat Bei-  
spill agoen, wat hei schonn zitéiert ginn ass:  
An der Belsch ass och eng nei Form vu  
Gesellschaft gegrënnt ginn, wou den Intérêt  
notionnel agefouert ginn ass, wou d'Kapital  
verzénst gëtt, mä net besteiert gëtt. An  
Holland hu se den Droit d'apport ofgeschaf,  
an d'Europäesch Kommissioun huet all  
d'europäesch Länner opgefuerdert, fir den  
Droit d'apport bis 2010 ofzeschaffen.

Ech wëll also elo direkt d'Regierung froen:  
Wëllt Dir net annoncieren, weini d'Re-  
gierung den Droit d'apport hei zu Lëtze-  
burg wëllt ofschafen, oder waarde mir  
nees bis 2010, fir dass mir den Abléck onse  
Leit nächst méi offréiere kënnen an net méi  
nei Décisionsen huele kënnen?

Wat ech gesinn, wat wichteg ass, ass, dass  
een natierlech ofwaart, bis dass d'Kom-  
missioun eng Décision geholl huet, mä  
datt, wann ee weess, dass eppes kënnt, een  
da besser huet, et hält ee verschidde Mes-  
suren an et annoncéiert een, weini déi  
sollen a Kraaft trieden.

Dann ass et och evident, dass et an Holland  
eng nei Form vun Holding ass, déi elo  
geschaf ginn ass. Déi fueren no engem Sys-  
tem vun - wéi soll ech dat elo explizéieren? -  
vu Këschten, wou an déi eng Këscht Zënse  
gesat ginn an an déi aner Këscht Royalties  
gesat ginn a wou an deene verschidde  
Këschte keng Besteuerung erfollegt.

Et muss ee permanent déi ganz Evolu-  
tiounen international gesinn, well soss ver-  
léiere mer u Kompetitivitéit. A wann ech  
d'Regierung opfuerderen, méi proaktiv ze  
sinn, da géif ech soen, dass se sech och  
d'Moyenë muss gi fir déi Prévisiounen ze  
maachen, fir am Virfeld scho kënnen nei  
Initiativen unzegoen.

Ech brauch do nëmmen dorop hinweisen,  
wat an Amerika am Stat Delaware geschitt.  
Do gëtt et eng Kommissioun Delaware, déi  
aus Banquieren - bien entendu -, aus Fisca-  
listen, Experts-comptables an aus Leit vun  
der Industrie besteet, déi kucken, wat ron-  
derëm an deenen aneren amerikanesche  
State geschitt, a si kucken den Ablack fir  
dorobber ze reagieren am Virfeld, ier eng  
Décision kënnt, a fir esou den Ablack  
permanent d'Kompetitivitéit vun hirem Stat  
virzegesinn.

Dann ass et ze begreifen natierlech, dass  
mir elo eng Société de gestion de patri-  
moine familial virgesinn. Déi wäert och eng  
80% vun de Fäll opfänke kënnen, mä nach  
stelle sech Problemer fir eng etlech  
Holdings, déi elo bestinn. Och do wollt ech  
e puer Suggestiounen un d'Regierung  
maachen.

Niewent der Schafung vun enger spezieller  
Kommissioun, déi intensiv de Suivi mécht  
vun deem, wat ronderëm ons passéiert,  
géif ech och proposéieren, dass mer mis-  
sen eng Form vu Gesellschaft, vun Holding  
fanne fir alleguer déi Betriber, déi an  
deenen anere Länner wëllen investéieren,  
mat deene mir keen Duebelbesteierungs-  
ofkommen hunn. Mir missten och eng Méig-  
lechkeet fanne fir déi Gesellschaften, vunn  
deenen de Bénéficiaire économique keen  
EU-Bierger ass.

An deenen zwee Fäll do, Här Minister, huet  
d'Europäesch Kommissioun keng Kompe-  
tenz. Mir sinn also do fräi ze handeln.

Desgläiche muss ee sech d'Fro stellen, ob  
een net soll eng Société de gestion vu Va-  
leurs mobilières virgesinn, wou d'Kommis-  
sionen assimiliéiert ginn zu den Divi-  
denden. Och dat fënnt een hei an Europa  
erëm. An et muss ee sech och iwwerleeën,  
ob een net esou eng Société de gestion ka  
virgesinn, déi steierlech exonériéiert wier an  
déi eng eenzeg Participatioun hätt an enger  
Sicav oder engem Fonds commun de  
placement. Och dat ass wichteg, dass mir  
op dee Wee ginn. Dat hu mir nämlech an  
England iwwert de Wee vum Trust.

Ech wollt hei an deene siwe Minutten, déi  
mir zu Verfügung stinn, nëmmen e puer  
Suggestiounen opwerfen. Ech weess, dass  
d'Regierung vill annoncéiert, dass se wëllt  
eppes fir d'Bankeplaz maachen. Ech  
mengen, et geet elo dorëm fir och elo  
aktiv ze ginn, séier aktiv ze ginn, an eng  
Kommissioun anzusetzen, déi dat dote fir  
d'Zukunft mat virplangt. A mir wäerte  
jiddfalls vun onser Säit aus net feelen, fir  
der Regierung déi néideg Suggestiounen  
ze maachen, wat ech elo an deene siwe  
Minutten hei net konnt maachen.

Dat gesot, wëll ech awer nach eng Kéier  
den Accord vu menger Fraktioun zu dëser  
Gesetzgebung ginn.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här  
Henckes. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Also,  
Här President, ech kann nëmmen be-  
greissen, dass mir hei emol endlech e  
Gesetz hunn, wou keen diskriminéiert gëtt,  
och wann et nëmmen d'Holdingë sinn.

» **M. le Président.** - Gutt. Merci, Här  
Jaerling. Dann huet d'Regierung d'Wuert.  
Den zoustännege Minister, den Här Luc  
Frieden.

» **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et  
du Budget.** - Här President, ech géif gäre  
Merci soe fir déi breet Zoustëmmung, déi  
dës Projet schéngt hei an der Chamber ze  
fannen. An och géif ech gären dem Rap-  
porteur, dem honorabelen Här Mosar, Merci  
soen, souwéi de Kollegen aus der Kom-  
missioun, déi hei op eng extrem schnell Aart  
a Weis eng gutt Aarbecht gemaach hunn. Et  
gëtt oft eng gutt Aarbecht gemaach, mä hei  
war d'Zäit ee wichtige Facteur, well d'Zil  
vun enger gudder Politik fir d'Finanzplaz  
ass, dofir ze suergen, dass de juristesche  
Kader adequat ass fir d'Entwécklung vun de  
Geschäfte, mä virun allem och, dass mer  
Rechtssécherheet hunn.

An déi Rechtssécherheet, déi hu mer  
doduerch, dass mer dës Gesetz stëmmen,  
wat alle bestehenden Holdinggesellschaften  
bis 2010 seet, wéi se kënnen fonctionnéieren,  
an dass se kënnen fonctionnéieren. Duerfir  
ass d'Rechtssécherheet fir mech d'Haupt-  
element gewiescht an deene Gespréicher,  
déi mer mat der Europäescher Kommis-  
sion haten.

Et war keng Iwwerraschung fir eis, wat um  
Niveau vun der Europäescher Kommissioun  
komm ass. Vläch war den Zäitpunkt oder  
déi Woch d'Iwwerraschung, mä et muss ee  
wëssen, dass zënter Joren d'Europäesch  
Kommissioun géint déi Holdinge war, fir  
d'éischt am Dossier Steieren - heirun ass  
erënnert ginn -, mä och am Kontext vun den  
Aides d'État.

Mä wat hei guer net de Mëtteg an der  
Debatte ervirkomm ass, dat ass, dass weinst  
den Holdinge respektiv weinst der Fassong,  
wéi mir d'Bankgeheimnis ausdehnen och  
op d'Holdinggesellschaften, d'OCDE eis  
considéiert an der Kategorie vun de  
Steierparadieser. An dat ass also eng Pro-  
blematik, déi d'Holdings an d'Rampeliicht  
vun net nëmmen der Europäescher Union,  
mä och der OCDE gestallt huet an och nach  
weider stellt. Well eleng de Fait, dass  
d'Holdings weider existéieren, voire dass  
aner Produkter kommen, déi sech un deem  
inspiréieren, bleift e Problem an der OCDE.

An ech mengen, et wär gutt, wann d'Cham-  
ber sech deem ëmmer bewosst wär. De  
Staatsminister huet mam Generalsekretär  
vun der OCDE bei senger rezenter Visite zu  
Lëtzebuerg ofgemaach, dass ech soll eng  
Delegatioun bei d'OCDE uganks des Jores  
uféieren, fir nach eng Kéier déi ganz Pro-  
blematik ze diskutéieren an ze duerchliichten.  
Mä dat heescht, déi Diskussiounen hei ginn  
ëmmer virun an anescht beliicht, mä déi  
Problematik muss mer am A behalen. Ech  
wäert och d'Chamber, wann déi Ge-  
spréicher weidergaange sinn, doriwwer  
informéieren, op d'mannst d'Finanz- a Bud-  
getskommissioun, déi sech jo mat deene  
Froen hei intensiv beschäftegt.

Déi Décision vun der Europäescher Kom-  
missioun, mat där kann een d'accord sinn  
oder net d'accord. Ech wëll hei nach eng  
Kéier soen, dass d'Rechtssécherheet  
enorm grouss gi wär, wa mir déi Décision  
beim Geriicht ugefecht hätten. Well déi ass  
net suspensiv, déi Prozedur. Mir hätten also  
dräi Joer net dee Steuerregime kënnen  
viruféieren. A mir hätten net gewosst, wéi de  
Prozess ausgaange wär.

Zweetens ass et esou, dass mer déi Iwwer-  
gangsperiod, déi mer kritt hunn, net kritt  
hätten, wa mer op den Europäesche  
Gerichtshaff gaange wären.

Et gëtt sécher Jurisprudenz iwwert de  
Prinzip vun der Confiance légitime. Mä  
d'Kommissioun war der Meenung, dass bei  
engem Steuerregime d'Confiance légitime  
maximal ëmmer nëmme kéint ee Joer  
betreffen. Duerfir war d'Proposition vun der  
Kommissioun, eng maximal op d'Joer  
begrenzten Iwwergangsperiod ze ginn,  
vläch nach ee Joer méi. A mir hunn ëmmer  
gesot, mir brauche méi Zäit, fir den Entre-  
prise d'Méiglechkeet ze ginn, sech ëmze-  
strukturéieren, an et ass duerfir wou mer  
fonnt hunn, wa mer alles op eng Wo leeën,  
dass mer méi Rechtssécherheet hunn a méi

eng laang Iwwergangsperiod fir déi be-  
stehend Holdings, wa mer géife mat der  
Kommissioun verhandelen.

Et ass duerfir, wou mer mat der Kommis-  
sion verhandelt hunn. Et ass duerfir, wou  
mer d'Décision akzeptéiert hunn, ob-  
schonn dass mer heiheem sécherlech méi  
einfach géifen dostoen, wa mer géife soen:  
Mir si mat nächst d'accord vun der Kom-  
missioun a mir maachen elo emol en décke  
Prozess! Mä dat hätt, an der Endanalys,  
eiser Finanzplaz geschuet, an duerfir hu  
mer dat net gemaach, wat fir eis den  
einfache Wee gewiescht wär, nämlech op  
d'Gericht goen. Mir hunn dee schwéiere  
Wee gewielt, mä mir mengen, dee wier am  
Intérêt vun der Finanzplaz.

Déi Décision ass geholl ginn den 19. Juli.  
Ech hunn den 19. Juli eng Pressekonferenz  
ofgehele fir der Öffentlechkeet matze-  
deelen, wat an där Décision géif stoen.  
Ech hunn den 19. Juli och de President vun  
der Chambre des Notaires - dat ass also dee  
Berufsstand, dee Gesellschaften grënnt -  
schréfflech informéiert iwwert déi Décision  
vun der Europäescher Kommissioun.

Déi Décision vun der Europäescher  
Kommissioun nennt sech net un d'Öffent-  
lechkeet, mä ass eng Décision, déi sech  
un d'Lëtzebuerger Regierung nennt,  
andeem se der Lëtzebuerger Regierung  
seet: Dir dierft dee Steuerregime net méi u  
Gesellschaften applizéieren. Déi Gesell-  
schafte kënnen weider fonctionnéieren, mä  
da musst Der hinnen den Droit commun  
applizéieren.

Duerfir ass d'Fro: Weini trëtt déi Décision  
a Kraaft? Eng Décision, déi selbst-  
verständlech zu Irritatiounen féiert, dat kann  
ech verstoen, mä d'Rechtslag ass awer  
esou, dass vis-à-vis vun der Lëtzebuerger  
Regierung déi Décision dee Moment a  
Kraaft trëtt, wou se zu Bréssel eisem Ver-  
treter, dass heescht dem Lëtzebuerger  
Représentant permanent bei der Europä-  
escher Union, zougestallt gëtt. An déi  
Rechtslag, déi kënnen mir net änneren.

Ob ee se e puer Deeg éischer hätt am  
Mémorial vläch solle publizéieren, wat  
iwwerengs eng Prozedur ass, déi néierens  
virgesinn ass, doriwwer kann een disku-  
téieren. Si stoung op jidde Fall och vum 19.  
Juli un um Internetsite vun der Regierung,  
an all déi Leit, déi mat Holdings eppes ze  
dinn hunn, déi hunn och duerch souwuel déi  
national wéi déi international Press vun där  
Décision Kenntnis gehat. Ob een nach  
aner Methode fënnt, fir dat besser ze  
communiquéieren, doriwwer, mengen ech,  
sollen d'Chamber an d'Regierung ge-  
meinsam nodenken. Mir sinn op, fir do aner  
Suggestiounen entgéintzehuelen.

Dës schafft Rechtssécherheet. Ech meng-  
en, et ass e gudden Text, deen hei d'Regie-  
rung der Chamber virgeluecht huet. Et muss  
een e selbstverständlech och am Liicht vun  
deem gesinn, wat d'Regierung nach propo-  
séiert huet, nämlech eng nei Zort vu Famill-  
je-Patrimoine-Gestiuon, vu Familljevehikel fir  
d'Gestion de patrimoine ze proposéieren,  
déi sou genannte Société de gestion de  
patrimoine familial - d'Chamber wäert déi  
am nächste Joer kucken. Ech mengen och,  
dass et do gutt wär, wa mer dat esou schnell  
wéi méiglech kéinten duerch d'parlaman-  
tareschen Prozedur kréien.

Derniewent bleift et esou, wéi ech dat och  
de Moien a menger Budgetsried gesot  
hunn, dass d'Finanzplaz voll d'Enner-  
stëtzung vun der Regierung huet, dass mir  
net eréischt elo kucken, wat mer an Zukunft  
maachen - wéi de leschte Riedner gemengt  
huet -, dass mer systematesch an deene  
leschte Joren eng ganz Rei vu Projeten hei  
haten, déi d'Infrastruktur vun der Finanzplaz  
verbessert hunn. An dass d'Steierpolitik  
ëmmer eng ass, déi ee muss am Gesamt-  
kontext gesinn - net eng Steuer eraushuelen  
an da soen: Déi do muss mer elo of-  
schafen! -; et muss een ëmmer d'Gesamt-  
steuerlandschaft vun de Betriber a vun de  
Privatleit kucken. An et muss een ëmmer  
d'Budgeteffeten dobäi och kucken.

Dat huet de Staatsminister d'lescht Woch hei  
annoncéiert. Dat hunn ech de Moien zum  
Schluss vun de Budgetsdebatten och nach  
eng Kéier gesot. Dat maache mer perma-  
nent, besonnesch och mat engem Bléck op  
d'Finanzplaz, wat een, wann net den Haupt-  
pilier vun der Lëtzebuerger Ekonomie ass.



An et ass och an deem Kontext, wou sech d'Agence fir d'Promotioun vun der Ekonomie mat engem besonnesche Bléck och op d'Finanzplaz wäert entwéckelen. Ech weisen do zréck op dat, wat ech de Moie gesot hunn. Doriwwer wäerte mer och selbstverständlech an der Chamber an deenen nächste Méint nach interessant an intensiv Diskussiounen kréien.

De Moment, wéi gesot, sinn ech frou, datt mer dëse Projet konnten zäitgerecht stëmmen. E schaaft eis Rou op der Finanzplaz, well elo hu mer bis 2010 Kloerheet fir dëst wichtegt Instrument.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5624 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Fred Sunnen (par M. Marc Spautz), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Camille Gira), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 5610 iwwert d'lëtzebuergesch Bedeelegung an der Association Internationale de Développement an dem Fonds International de Développement Agricole. Den Här Hauptert ass Rapporteur. Här Hauptert!

**3. 5610 - Projet de loi relative à la participation du Grand-Duché de Luxembourg**

- à l'initiative d'allègement de la dette multilatérale de l'Association Internationale de Développement et

- à la septième reconstitution des ressources du Fonds International de Développement Agricole

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» **M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 5610 behandelt engersäits d'Bedeelegung vun eisem Land un der Annullatioun vun de Scholde vun deenen aarmen a staark verschëllte Länner an déi

International Entwécklungsassociatioun, an anerersäits d'Bedeelegung vu Lëtzebuerg un der siwenter Rekonstitioun vum Kapital vum Internationalen Agrarentwécklungsfong.

Wat d'Annullatioun vun de Créancë vun deenen aarmen a staark verschëllte Länner un international Entwécklungsassociatiounen ubelaangt, sou berout dës op enger Initiativ, déi um G8 zu Gleneagles d'lescht Joer geholl gouf. Initiativ, déi sech «Initiative d'allègement de la dette multilatérale» nennt an déi dora besteet, fir deene ganz aarmen a staark verschëllte Länner hir Scholdlaascht géintiwwer den internationalen a multinationalen Institutiounen, dat heescht dem Internationale Währungsfong, dem FMI, der Weltbank an dem afrikaneschen Entwécklungsfong ze annulléieren an hinnen doduerch méi Mëttelen ze ginn, fir hir Entwécklung méi schnell weiderzeféieren an doduerch d'Objektiver vum Millénaire fir d'Entwécklung, dat heescht bis 2015 d'Aarmut an der Welt ëm d'Halschent erfzesetzen, ze erreechen.

Dës Initiativ kascht ëm déi 50 Milliarden Dollar. Well den FMI awer seng Annullatioun vun de Créancen iwwer eege Mëttel finanzéiert a Lëtzebuerg net Member vun dem afrikaneschen Entwécklungsfong ass, limitéiert d'Lëtzebuurger Participatioun sech op d'Annullatioun vun de Créancë vun dem Internationalen Entwécklungsfong.

Well déi international Instanzen hir Hëllef gréisstendeels iwwert de Fonds de roulement vun dem Remboursement vun de Créancen, dat heescht iwwer Annuitéiten, déi zréckbezuelt ginn, finanzéieren, brauche se déi fir nei Prëten deenen aarme Länner ze accordéieren. Duerch déi Annullatioun vun de Créancë géif kee Remboursement geschéien, an domadder hätten déi international Instanzen also keng Mëttelen, fir nei Prëten ze accordéieren, sou datt d'Entwécklungshëllef domadder net kéint weidergefouert ginn. Duerfir huet déi International Entwécklungsassociatioun och e Finanzéierungsplang missen opstellen, fir d'Refinanzéierungsmëttelen vum dem Fong fir déi nächst Joren ze garantéieren. Deen Entwécklungs- oder dee Refinanzéierungsplang, deen erstreckt sech bis d'Joer 2043. D'Participatioun vu Lëtzebuerg un deem Plang beleeft sech op ongeféier 30 Millioune Euro, Participatioun, déi iwwert dëse Projet autoriséiert soll ginn.

Wat eis Bedeelegung un der siwenter Rekonstitioun vum Kapital vum Internationalen Agrarentwécklungsfong ubelaangt, esou gëtt déi mat 650.000 Euro festgehalen. Wéinst den Donen an de bëllege Prëten, déi de Fong fir seng Programmer accordéiert, mussen d'Engagementen vun de Memberstate vun deem Fong regelméisseg aktualiséiert ginn. Dëse Projet autoriséiert d'Regierung, sech un där siwenter Rekonstitioun vum Kapital vun dësem Fong ze participéieren. De Statsrot huet e favorablen Avis zum Projet ofginn. D'Kommissioun huet mäi Rapport unanime an hirer Sitzung vum 7. Dezember ugehall a schléit der Chamber vir, de Projet, esou wéi en hei virläit, ze stëmmen, an ech bréngen och domat den Accord vun eiser Fraktioun.

» **M. le Président.** - Ech gesinn, dass d'Fraktiounen alleguerten an och d'Regierung mat den Ausféierunge vum...

(Interruption)

Ah, den Här Goerens huet nach d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet muss ee sech Méi gi fir Argumenter ze fannen, fir derfir ze stëmmen. Ech soen dat, obschonn dat elo ganz brutal bei engem Projet kléngt, deen à première vue schéngt konsensfäeg ze sinn, well wien ass scho géint d'Annullatioun vun der Dette vun deenen Äermste vun deenen Aarmen?!

Ech soen och direkt, datt mir zwar zoustëmmen, mä ech mellen awer e puer ganz zollid Reserven un, an ech ginn ee Grond, deen eis am Fong dozou beweegt, fir dësem Projet eis Zoustëmmung ze ginn.

Ech fänken emol u mat de Reserven. Hei geet et am Fong drëm, fir ronn 50 Milliarden Dollar deenen äermste Länner nozeloossen. Déi Schold, déi do entstanen ass an déi net konnt zréckbezuelt ginn, déi wier wärscheinlech och zum gréissten Deel ni méi zréckbezuelt ginn, esou datt et am Fong e fiktive Soulagement ass vun deene sou genannte Pays les moins avancés.

Zweetens, dee Problem hei ass och e bësse Famill mat der Kris am Irak. Et muss ee wëssen, dass de President vun der Weltbank momentan den Här Wolfowitz ass, dee fréier zu Washington am Pentagon zu den Hardliner gehéiert huet, an dee sech och ganz staark gemaach huet, fir dem Irak d'Scholden nozeloossen.

Et kann ee sech also net virstellen, datt deen eng Politik hätt kënne maachen, wou nëmme just den Irak seng Dette annulléiert kritt hätt an net déi Äermst vun deenen Aarmen, well den Irak huet ëmmerhi jo awer eng Partie Ressources naturelles, déi e missten habilitéieren, progressiv kënne säin eegene Wuelfstand, seng eege Subsistance ze finanzéieren.

Drëttens, déi Scholden, déi net konnten zréckbezuelt ginn, sinn och en Echec vum Consensus de Washington, deen am Fong virgesinn huet, datt d'Länner sech misste finanziell gesond schrumpfen, wat ugaangen ass bei der Gesondschrumpfung vun de Statsfinanzen, wat a sech kee répréhensibel Zil ass, mä wat awer, wann een et isoléiert gesäit a wann et vu soss kenger Moosnam begleet gëtt, awer de Länner hir Problemer éischter vergréissert wéi se verklengert.

Eng ganz Partie Länner hunn opgrond vun deem Scholdendrock ugefaangen, en Deel zréckbezuelen, an déi Suen, déi se natierlech op d'Dette hu misse bezuelen am Ufank, déi awer net duergaange sinn, fir se ganz ze remboursséieren, déi hunn natierlech gefeelt fir d'Secteurs sociaux de base ze développéieren: den Accès un d'Soins de santé de base zum Beispill, zweetens d'Education, alles Rubriken, déi mer haut an den Objectifs du Millénaire pour le développement fannen, déi wärscheinlech och bis 2015 - wat d'Deadline ass fir d'Erfëllung vun deeneselwechten - net kënnen erreecht ginn. Et geet am Fong do, wéi de Rapporteur et gesot huet, ëm d'Reduktioun vun der Aarmut ëm d'Halschent.

Dat Véiert: E Land wéi Lëtzebuerg ass net mat responsabel fir dee Problem. Mir mussen eis awer un der Refinanzéierung vun der Weltbank hire Prëten, déi se net konnt remboursséieren, mat bedeelegen.

Dat ass a sech ongerecht, well déi, déi am Fong eng richtig Entwécklungspolitik gemaach hunn, déi op Donë baséiert war an net op Prëten, déi mussen also mat elo d'Fraisé bezuele vun deenen, déi responsabel si fir den Echec. Op déi Manéier steet d'Lëtzebuurger Entwécklungshëllef am Fong irréprochabel do.

Elo gëtt et een eenzege Grond, deen eis dozou beweegt, fir eis Zoustëmmung zu dësem Projet ze ginn. Dat ass deen, datt déi Länner, déi vun deem Allègement, vun där Annullatioun vun där Dette hei betraff sinn, datt deenen hir Bevëlkerung ni an der Lag war, jee ee Su vum Gros vun deene Prëten, déi gemaach goufen, fir hir eegen Entwécklung ermëzgesinn. Ganz viles ass an donkele Kanäl verschwonnen a ganz vill Gelder sinn duerch korrupt Regimer déviéiert ginn.

Duerfir mengen ech, an esou enger Phas ass et méi richtig, et hëlt ee Précautiounen an et sécuriséiert een d'Programmer an d'Projets de développement, wéi datt een einfach ouni Précautioun d'Geld iwwer eng sou genannten Aide budétaire deene Länner zur Verfügung stellt.

A wa mer also eis Zoustëmmung ginn, dann ass et, well mer net wëllen nokucken, datt viru Leit, déi ni eppes haten dovun, déi ni e Su gesinn hu vun deene Gelder, datt déi elo och nach misste fir déi nächst 20 oder 30 Joer déi Prêté remboursséieren.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. Charles Goerens (DP).** - An dat Lescht, wat ech wëll soen, dat hänkt mat der Problematik Cap-Vert zesummen. De Cap-Vert huet eng speziell Situatioun. De Cap-Vert ass eent vun deene ganz wéinege Länner, déi nach bis viru kuerzem zu de Pays les moins avancés gezielt hunn, an déi hir Scholden zu engem Deel ëmmerhin zréckbezuelt hunn. Déi profitéieren heivunner net.

Et qui plus est...

» **M. le Président.** - Här Goerens, därfer ech lech soen, dass Dir elo Är Zäit ëm dat Duebelt iwwerschratt hutt?

» **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, gutt, wann Dir insistéiert, ech kann och direkt ophalen, soss maachen ech nach mäi Saz fäerdeg.

Ech wollt nëmme just soen, et ass ongerecht vis-à-vis vun engem Land wéi dem Cap-Vert, wat enorm Efforté gemaach huet, net nëmme fir seng Scholden zréckbezuelen, mä fir och nach seng Situatioun ze verbessern.

Do geet ee Bailleur de fonds nom anere fort, an ech fannen, datt mir als Lëtzebuurger do eng Responsabilitéit hunn an dem Cap-Vert sollen hëlfen, datt en net vun der internationaler Communautéit, vun de multilateralen Agencen an och vun deenen eenzelne

Bailleurs de fonds abandonnéiert gëtt. Dat wier net gerecht, dat wier e ganz trauregen Nieweneffekt vun dëser Démarche.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Wa soss näischt méi bäizeflécken ass, da kënne mer zur Ofstëmmung vun dësem Projet de loi kommen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5610 ass eestëmmeg ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen (par M. Marc Spautz), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Henri Kox);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass de Projet de loi 5626. Rapporteur ass den honorabelen Här Marc Spautz.

**4. 5626 - Projet de loi portant rectification du Code du travail**

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

» **M. Marc Spautz (CSV), rapporteur.** - Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, dee Projet, deen elo virläit, ass am Fong eng Rectificatioun vum Code du travail. Dir kënn lech nach erënnern, mir hu viru véier Méint de Code du travail gestëmmt a mir hate gesot, dass et méiglech wier, dass eis eng oder aner Erreur matérielle do mat duergaange wier.

Hei wieren elo dräi Artikelen, déi mer géifen änneren. D'Regierung huet de 26. Oktober de Projet déposéiert. De 14. November ass den Avis komm vum Conseil d'État, an de 5. Dezember huet d'Kommissioun mech zum Rapporteur bestëmmt. Mir hunn och dono direkt den Avis vum Conseil d'État analyséiert. Do ass et awer och esou, dass de Conseil d'État nach eng Kéier drun erënnert, dass just eng Rectificatioun géif gemaach ginn an net méi.

Ech weess och, dass elo verschidde Beruffschamberen nach schreiwe vun Amélioratiounen, mä dat ass net de Sënn, well dee Projet hei soll wierklech just eng Rectificatioun sinn, well eis do e Feeler ënnerlaf war, wou mer zwee Numéroë matenee verwiesselt haten, dat ass richtgebéit ginn: Eng Kéier hu mer eis op d'Gesetz vun 1972 beruff amplaz vun 2004. Dat beweist awer, wéi wichtig et war, e Code du travail ze kréien, well dat soss duerch verschidde Gesetzer verstoppt ass. Ech mengen, méi ass net dozou ze soen.

Ech wollt och soen, ech ginn och gläichzäiteg am Numm vun der CSV-Fraktioun d'Zoustëmmung.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!